

Ettelbruck, le 30 septembre 2019

Communiqué

Wichtig Information zur Formation continue.

Léif Membere vun der AMET, duerch een Uerteel vum Verwaltungsgericht, gëlt ab Mäerz 2019, gouf eng Dispositioun an engem Règlement Grand-ducal bezüglech der Formation continue fir d'Enseignanten am Secondaire annulléiert. Déi bis zu deem Zäitpunkt applizéiert Praxis, fir innerhalb vun enger Referenzperiod vun 3 Joer 48 Stonne Formation continue mussen ze leeschten, gouf duerch dëst Uerteel ausser Kraaft gesat. Duerch eng Gesetzesännerung, déi kuerz virum Summer an der Chamber gestëmmt gouf, krut déi e puer Méint virdu gekippte Praxis allerdéngs erëm eng nei legal Basis. Sou gëllt zukünfteg erëm fir jidder Enseignant d'Flicht, innerhalb vun enger Referenzperiod vun 3 Joer un 48 Stonne Formatioun deelzehuelen¹.

Duerch dës Upassung vum Gesetz huet sech erginn, dass am Prinzip fir jidder Enseignant am Secondaire de 15.09.2019 eng nei Referenzperiod ufänkt, ausser wann hien sengem Direkter ausdrécklech schrëftlech matdeelt, seng lafend Period wëlle weiderlafen ze loosse:

*«Les enseignants dont la période de référence de trois ans de formation continue [...] a débuté avant l'entrée en vigueur de la présente loi, peuvent choisir de la faire parcourir jusqu'à échéance. Ils doivent faire part de leur choix, par lettre adressée au directeur de leur lycée pour le 15 octobre 2019 au plus tard.»*² (**Anhang 1**)

Fir jiddereen, deen sech net schrëftlech manifestéiert, fänkt also automatesch eng nei Referenzperiod un. Besonnesch fir déi Enseignanten, déi am Ufank vun hirer lafender Referenzperiod besonnesch vill FoCo-Stonne gelescht hunn, géif hei de Risiko bestoen, dass hinnen eng Rei Stonnen net ugerechent ginn an dës doduerch géifen «verluer» goen.

Fir déi meescht Enseignanten am Secondaire (net fir jiddereen!) hat de 15.09.2018 eréischt eng nei 3-Jores-Referenzperiod ugefaangen, déi ursprénglech bis de 14.09.2021 weiderlaffe sollt. Een Enseignant, deen innerhalb vum éischte Joer vun dëser Period besonnesch vill FoCo-Stonne gemaach huet, riskéiert Stonnen ze verléieren, falls hien elo nëmmen ee Joer méi spët schonn erëm eng nei 3-Jores-Referenzperiod géif ufänken.

¹Heibäi kann ee bis zu engem Surplus vu 16 FoCo-Stonnen no enger ofgeschlossener Referenzperiod mat an déi nächst Referenzperiod eriwwehuelen. Als negative Solde dierfeen do géint nëmme maximal 4 Stonne mat eriwwehuelen.

²Loi du 1^{er} août 2019 portant modification de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire / article 104.

De Compteur vun Ärer perséinlecher aktueller Referenzperiod fannt Dir an der Applikatioun eFormation ënnert folgendem Link: <https://portal.education.lu/Applications>

Op dëser Platz weise mir och drop hin, dass an der Applikatioun eFormation d'Auswierkung vum Gerichtsuerteel bis ewell nach net bei der Comptabilisatioun vun deenen ze leeschtende FoCo-Stonne berécksiichtegt goufen a fuerderen, dass dëst esou séier wéi méiglech nogeholl gëtt.

Ee Formulaire (**Anhang 2**), deen un all d'Enseignante verschéckt gëtt, mat Hëllef vun deem si hire Choix ausdrécke kënnen, also entweder hir aktuell Referenzperiod weiderlafen ze loossen, oder awer op de 15.09.2019 eng nei Period ulafen ze loossen. Fir all Enseignant, dem seng aktuell Referenzperiod de 15.09.2018 ugefaangen hat, gëllt d'Fauschtreegel, dass falls hie méi wéi 16 FoCo-Stonnen während deem vergaangene Schouljoer absolvéiert hat (respektiv aus der Referenzperiod vu virdu mat eriwwegeholl hat), hien **keen** Intérêt huet, eng nei Referenzperiod unzufänken.

Fir all anere Fall, beispillsweis fir déi Enseignanten, deenen hir Referenzperiod duerch e Congé parental oder e Congé sans traitement ënnerbrach gouf, ass et schwierig, eng präzis allgemeng gültig Recommandatioun ze ginn, well sech fir all spezifesche Fall eng individuell Referenzperiod ergëtt.

Doriwwer erauswëlle mir nach eng Kéier ausdrécklech drop hiweisen, dass komplett onofhängeg vun der Unzuel u FoCo-Stonnen, déi mir Enseignanten am Kader vun eiser Tâche bis ewell hu misste leeschten an zukünfteg nach wäerte musse leeschten, am Traitementsgesetz vun 2015 eng Konditioun zur Unzuel u FoCo-Stonne fir all Staatsbeamten besteet, déi ee muss kënne virweisen, fir net an der Karriär blockéiert ze ginn! Detailer heizou fannt Dir an eisem Communiqué vum 20. Abrëll 2019

Merci dem Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP



Mat beschte Gréiss, fir de Comité vun der AMET a.s.b.l.

De President
Bethke Gerry

Anhang 1



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Références : ES • RN/cg
Tél. : 247-85228
romain.nehs@men.lu

Au personnel enseignant
de l'enseignement secondaire

Luxembourg, le 26 septembre 2019

Concerne : Formation continue des enseignants

Madame,
Monsieur,

Je m'adresse à vous dans le contexte d'une modification intervenue au niveau de la formation continue des enseignants.

En effet, l'article 84 de la *loi du 1^{er} août 2019 portant modification, 1^o de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ; 2^o de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire (...)* dispose que : « Les enseignants participent sur une période de trois ans à quarante-huit heures de formation continue obligatoire non liées à d'autres missions rémunérées ou faisant l'objet d'une décharge. » L'entrée en vigueur de cette disposition ayant été fixée au 15 septembre 2019, une nouvelle période de référence commence en principe à cette date.

Afin de valoriser l'engagement des enseignants ayant d'ores et déjà accumulé un grand nombre d'heures de formation au cours de leur période de référence actuelle, la même loi précise en son article 104 que « les enseignants dont la période de référence de trois ans de formation continue (...) a débuté avant l'entrée en vigueur de la présente loi, peuvent choisir de la faire courir jusqu'à échéance. Ils doivent faire part de leur choix par lettre adressée au directeur du lycée pour le 15 octobre 2019 au plus tard ».

Le formulaire en annexe vous permettra d'exprimer votre choix.

Veuillez agréer, Madame, Monsieur, l'assurance de ma considération distinguée.

Pour le Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse,

Romain Nehs
Directeur adjoint détaché

Anhang 2

Madame la Directrice,
Monsieur le Directeur,



En exécution des dispositions de l'article 104 de la loi du 1^{er} août 2019 portant modification
1° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation
nationale ;
2° de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de
l'enseignement secondaire (...)

je soussigné(e) _____,

matricule _____,

_____ au Lycée _____,
(fonction)

ai l'honneur de vous faire part ci-dessous de mon choix relatif à mon obligation de formation
continue :

Je souhaite faire débuter une nouvelle période de référence au 15 septembre 2019.

Je souhaite continuer à faire courir la période de référence entamée.

_____, le _____ 2019

(signature)

Le présent formulaire, dûment rempli, est à remettre à la direction pour le 15 octobre 2019 au plus tard.